



Les Amis du Musée National
d'Histoire Naturelle a.s.b.l.

Invitatioun op en historesch-naturalisteschen Ausflug an de Mëllerdall

Sonndes, den 28. Juni 2015



Société des naturalistes
luxembourgeois

Vum eelste Lëtzebuenger bis an d'haiteg Zäit

Laang Zäite louch de Loschbour-Mann an der Vitrine vum Naturmusée ze schlofen, mee d'lescht Joer am Hierscht ass en erwächt an den Ament e richtege Weltstar. Héich Zäit deemno fir méi iwwert säin deeglecht Liewe virun 8000 Joer gewuer ze ginn. Mee net nëmmen hien huet Spuren hannerlooss. An de Bëscher verstoppt fënnt een och nach Reschter vun der Heringerbuerg, enger bal vergiessener Ritterbuerg. D'Buerg an d'Renaissance-Schlass vu Beefort si weider Zeien dofir, dass och a spéideren Zäite vill hei lass wor. An trotzdem ass dëst Dall bis haut eng onzerstéiert Naturlandschaft mat typeschen a seelene Planzegesellschaft vum Lëtzebuenger Sandsteen.

D'Frënn vum Naturmusée an d'SNL invitéieren Iech all op en interessanten a liewegen Dag am Mëllerdall.

Programm:

- 9:00: Depart vum Bus op der Gare zu Lëtzebuerg (Arrêt virum Delhaize).
- 9:10: Tëschestopp op der Gare zu Dummeldeng.
- 9:30: L'homme du Loschbour, l'histoire expliquée et animée sur les lieux de la découverte par Foni Lebrun-Ricalens, chargé de direction du Centre national de recherche archéologique et conservateur au Musée national d'histoire et d'art.
- 10:45: Déi verstoppte Ruine vun der Heringerbuerg an hir Geschicht, erzielt vum Jean-Jacques List, zoustännege Conservateur beim Service des Sites et monuments nationaux fir Schlässer a Buergen.
- Uschléissend Picknick aus dem Rucksak an enger Hiel, wéi zu Loschbour-Zäiten. Fir Feier ass gesuergt; bréngt roueg e Grillwippche matt!
- 13:45: no kuerzer Fahrt mam Bus, Wanderung duerch d'Fielselandschaft am Naturpark Mëllerdall mat senger typescher Vegetatioun, vun der Halerbach bis bei d'Beeforter Schlass (3,3 km).
- 14:30-16:30: Visite guidée vun der mëttelalterlecher Buerg an dem Beeforter Renaissance-Schlass, dat eréischt zanter kuerzem fir de Public op ass, mam Spezialist Jean-Jacques List.
- Géint 17:00: no engem Gliesche Cassis, Depart vum Bus.
- +/- 18:40: Arrivée zu Dummeldeng, +/- 18:50: Arrivée op der Stater Gare.

Onkäschtebäitrag: 10 € fir de Bus; ginn am Bus opgehewen

Umellung: entweder per Email un frenn@mnhn.lu oder per Telefon: 462233-1 **bis spéitstens Mëttwochs, de 24. Juni** (wichtig weinst begrenzter Unzuel vu Leit bei der Visite vum Schlass!).

Wichtig: fest Wanderschong, Picknick, eventuell Wander-Bengelen.

Catherine Faber
Presidentin vun de
Frënn vum natur musée

Christian Ries
President vun der SNL

Frënn vum natur musée – Les Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l.
25 rue Münster L – 2160 Luxembourg tél. (+352)462233-1 frenn@mnhn.lu